

ALLGEMENG GESCHÄFTSBEDÉNGUNGEN

SANDLER ONLINE®

Sandler Systems, Inc. („SSI“ oder „mir“) huet fir seng lizenzéiert Sandler®-Formateure privat, passwuertgeschützt, sécher Internetportaler (och bekannt als „Organisationen“) entwéckelt, fir hire Clienten Formatiounsënnerlagen zur Verfügung ze stellen an dës zur Verstärkung vun der Formatioun, déi si hire Clienten ubidden, ze benotzen. Mir nennen jiddereng vun dese Säiten e SANDLER-PORTAL. Et läit an der Verantwortung vum Formateur, fir den Inhalt vun engem SANDLER-PORTAL fir seng Clienten ze geréieren, grad esou wéi d'Benotzernimm an d'Passwierder vun den zougeloossene Benotzer, déi lizenzéiert sinn, fir e SANDLER-PORTAL duerch de Formateur ze benotzen. Iwwer de SANDLER-PORTAL kënnen de Client an déi Persounen am Client senger Organisation, déi un der Formatioun deelhuefen, op déi urheberrechtlich a privat geschützten Aarbechtsdossieren, Spillbicher, Léierbicher, Presentatiounen, Videofichieren, Audiofichieren, Newsletter an anert schréftlech Material (zesummen „SSI-Material“) vun SSI zougräifen; Dokumenter, Video- an Audiofichieren am Zesammenhang mat der Formatioun, dem Client an/oder dem Client sengem Geschäft eroplueden a verbreedem; a mam Formateur an ënnereneen ze kommunizéieren.

Hei sinn elo d'Allgemeng Geschäftsbedéngungen fir d'Benotzung vum SANDLER-PORTAL. Liest se wann ech gelift genau no. Beim éischten Aloggen an e SANDLER-PORTAL a bei all weiderem Aloggen erkläert Dir Iech averstanen, all dës Allgemeng Geschäftsbedéngungen ze beuechten an un se gebonnen ze sinn, esou wéi mir se vun Zäit zu Zäit ännere kënnen.

Artikel 1: Introductioun

Mir behalen eis d'Recht vir, dës Allgemeng Geschäftsbedéngungen zu all Moment z'änneren.

D'SANDLER-PORTAL gehéiert SSI a gëtt vun SSI operéiert. Froen iwwer e SANDLER-PORTAL oder seng Operatioun sollt Dir wann ech gelift un Ären eegene Formateur oder un den am Artikel 17 genannten Systemadministrator stellen. Froen iwwer säin Inhalt sollt Dir wann ech gelift un Ären eegene Formateur stellen.

Mir offréieren d'SANDLER-PORTAL „ESOU WÉI ET ASS“ a „WANN DISPONIBEL“. Mir iwwerhuele keng Verantwortung fir d'Aktualitéit, d'Läschen, Feelliwierung oder d'Indisponibilitéit vun egal wat fir engem Benotzerinhalt oder Är Kommunikatioun oder Astellungen.

Fir d'SANDLER-PORTAL benotzen ze kënnen, musst Dir Zougang zum World Wide Web hunn an Dir musst all Käschtchen a Verbindung mat Ärem Zougang un den Internet bezuelen. Dir musst och all Geräter zur Verfügung stellen, déi fir d'Verbindung mam World Wide Web néideg sinn, dorënner e Computer oder en anert Zougangsgerät. Ausserdeem kann et néideg sinn, dass Dir „Plug-Ins“ (z. B. Adobe Flash) oder soss zousätzlech Software (z. B. Microsoft Word) benotze musst, fir Inhalter aus dem SANDLER-PORTAL unzeweisen, ze benotzen oder ofzespillen.

Artikel 2: Passwuert a Sécherheet

Dir kritt Är Benotzer-ID an e Passwuert fir d'SANDLER-PORTAL. Är Benotzer-ID an Äert Passwuert sinn nëmme fir Iech eleng. Dir dierft weder d'Benotzer-ID nach d'Passwuert vu soss enger Persoun fir den Zougang zum SANDLER-PORTAL benotzen nach soss enger Persoun erlaben, Är Benotzer-ID oder Äert Passwuert ze benotzen. Dir dierft Är Benotzer-ID oder Äert Passwuert net u soss Leit verkafen. Dir sidd fir d'Wahrung vun der Vertraulechkeet vun Ärer Benotzer-ID an Ärem Passwuert verantwortlech, an Dir sidd fir all Aktivitéite verantwortlech, déi mat Ärer Benotzer-ID an Ärem Passwuert geschéien.

Dir erkläert Iech domat averstanen, (a) de Systemadministrator direkt iwver all onerlaabt Benotzung vun Ärer Benotzer-ID oder Ärem Passwuert oder soss aner Sécherheetsverletzung z'informéieren, déi Dir gewuer gitt, a (b) Iech no all Sessioun vun Ärem SANDLER-PORTAL-Kont ofzemellen.

Mir kënnen net a wëllen net fir Verloschter a Schied verantwortlech gemaach ginn, déi doduerch entstinn, dass Dir Är Verpflichtungen aus dësem Artikel 2 net erfëllt.

Artikel 3: Dateschutz an Datenerfaassung

Liest d'Dateschutzklärung vu Sandler Online fir eis Praktiken iwver d'Erfaassung, d'Verwendung an d'Offeleeë vun Donnéeë gewuer ze ginn, déi mir iwver Iech erfaassen.

D'Benotzer-IDen a Passwierder gi fir all Benotzer enregistréiert, deen Zougang zum SANDLER-PORTAL huet. Mir kënnen och d'Zäit an d'Dauer vun all Benotzungssessioun vum SANDLER-PORTAL duerch Är Benotzer-ID enregistréieren. Mir kënnen och enregistréieren, wéini a wéi dacks dass Dir op gewëssen Informatiounen zréckgräift, oder wéi laang dass Dir Iech e Cours an all Aufgaben, Tester oder Zertifizierungen ugekuckt hutt. Är E-Mail-Adress an aner perséinlech Donnéeën, déi Dir um SANDLER-PORTAL ugitt, kënnen fir aner Benotzer vum SANDLER-PORTAL verfügbar sinn.

Dir erkläert a garantéiert, dass (i) Dir all uwennbar Dateschutz-, Datesécherheets- a Marketinggesetzer an och all aner Gesetzer, déi fir d'Erfaassung, d'Verwendung, d'Offeleeën, d'Speicherung oder d'Traitement vu perséinlechen Donnéeë gëllen, anhaalt; (ii) an dem Mooss, an deem Dir eis perséinlech Donnéeë vu soss engem zur Verfügung stellt, erkläert a garantéiert Dir, dass Dir d'Ermächtigung dozou hutt, dass Dir all erfuerderlech Matdeelunge gemaach hutt an all néidegt Averständnes dozou ageholl hutt; an (iii) souwäit wéi Dir op perséinlech Donnéeën, déi Dir iwver d'SANDLER-PORTAL kritt hutt, zougräift, se kritt, benotzt oder soss iergendwéi traitéiert (zesummen „traitéiert“), sidd Dir dozou berechtigt an Dir kënnst dës Donnéeën nëmme am Kader vun Äre Befugnisser, an Iwwerteneestëmmung mat de geltende Gesetzer an ënner der Reserv vun all néideger Benoriichtung an Zoustëmmung vun der betraffener Persoun traitéieren. Wann Dir des Allgemeng Geschäftsbedéngungen am Numm vun Ärer Firma oder an Ärer Eegenschaft als Vertrieeder vun Ärer Firma acceptéiert, erkläert a garantéiert Dir, dass Dir d'Ermächtigung dozou hutt an dass Är Firma un dës Allgemeng Geschäftsbedéngungen gebonnen ass.

Artikel 4: SSI-Material

Dir sidd averstanen, dass d'SSI-Material ausschliesslech bestëmmt ass, fir vu Leit benotzt ze ginn, déi vum Sandler-Formateur forméiert gitt an dass et net fir aner Zwecker ka benotzt ginn. Keen Deel vum SSI-Material, egal ob Text, Bild, Audio oder Video, däerf fir een aneren Zweck benotzt gi wéi zur Virbereedung op d'Formatioun, déi Dir kritt, an als Verstärkung fir d'Formatioun, déi Iech gebuede gëtt. Dir erklärt ausdrécklech, dass Dir domat averstane sidd, dass SSI d'Proprietéit an all geeschteg Eigentumsrechter um SSI-Material behält, an Dir däerft ouni prealabel schrëftlech Erlaabnis vun SSI näischt kopéieren oder änneren, keen derivat Wierk dovu produzéieren an näischt iwwersetzen. Dir sidd averstanen, dass SSI d'Autorerecht um SSI-Material besëtzt.

Dir sidd weiderhin averstanen, dass Dir kee Screenshot oder eppes Ähnlechtes fir e spéidere Gebrauch vun dem SSI-Material maacht, dat Dir um SANDLER-PORTAL gesitt. Dat erofgeluedent Material ass fir Äre perséinleche Gebrauch bestëmmt an däerf net un aner Leit weidergi ginn. Dozou gehéiert och d'Benotze vum SANDLER-PORTAL op engem öffentleche Computer wéi an enger Bibliothék oder engem Hotel. Dir sidd dofir verantwortlech, dass dat Material, dat op esou öffentleche Computeren gekuckt oder erofgeluede gëtt, nom Logoff aus Ärer Sessioun op keng Manéier verfügbar ass.

Artikel 5: Verhalen an Inhalt

Als Bedéngung fir Är weider Benotzung vum SANDLER-PORTAL erklärt Dir, dass Dir d'SANDLER-PORTAL net fir en Zweck benotze gitt, dee géint Gesetzer oder dës Allgemeng Geschäftsbedéngungen verstoussen. All onberechtegt Benotzung vum SANDLER-PORTAL ass ausdrécklech verbueden, a mir behalen eis d'Recht vir, fir onugemoossent Material ze läschen an de Kont vun enger Persoun, déi d'SANDLER-PORTAL fir en onerlaabten Zweck benotzt, ze spären oder ze kënnegen.

Dir sollt verstoen, dass all Matdeelungen, Donnéeën, Texter, Fotoen, Grafiken, Audio-, Video- an aner Materialien oder Informatiounen, déi iwver d'SANDLER-PORTAL iwwerdroe ginn (mat Ausnam vun Informatiounen, déi mir verëffentlechen), egal ob se elo fir d'allgemeng Usicht oder privat iwwerdroe ginn („Benutzerinhalt“), an der ausschliesslecher Verantwortung vun deem leien, vun deem sengem Benutzerinhalt et en Deel ass. Wann Dir Benutzerinhalter eropluet, eng Matdeelung schéckt oder soss eppes iwwerdrot, sidd Dir fir d'Anhale vun dësen Allgemenge Geschäftsbedéngungen verantwortlech. Obwuel mir d'Recht dozou hunn, iwverpräiwen, verschaffen a kontrolléiere mir keng Benutzerinhalter. Mir iwverhuele keng Verantwortung fir d'Wourecht, d'Genaugeheet oder d'Eegnung vu Benutzerinhalter. Ënner kengen Ëmstänn si mir op iergend eng Manéier verantwortlech fir d'Benutzerinhalter, dorënner d'Feeler oder d'Ausloossungen a Benutzerinhalter, oder fir Verloschter oder Schied op iergendeng Manéier, déi duerch d'Benotzung vu Benutzerinhalter entstinn, déi verëffentlecht oder an enger Matdeelung oder iergendwéi soss iwver d'SANDLER-PORTAL iwwerdroe ginn. Esou bal wéi Benutzerinhalter verëffentlecht sinn, kënnen se vun anere Benotzer vum SANDLER-PORTAL gesinn an erofgeluede ginn.

Dir sidd averstanen, dass Dir d'SANDLER-PORTAL net benotzt fir:

1. Benutzerinhalter eropzelueden, ze verëffentlechen, an enger Matdeelung ze schécken oder soss iergendwéi ze verbreedden, déi ongesetzlech oder schiedlech sinn, déi bedreeën, déi missbräuchlech, déi belästigen oder däi onerlaabt sinn, déi diffaméieren, déi vulgär, obszön

oder verleumderesch sinn, déi d'Privatsphäre vun anere verletzen, déi haasserfëllt, rassistesch oder ethnesch sinn oder déi soss iergendwéi beleidegen;

2. Iech als eng aner natierlech oder juristesche Persoun auszeginn;
3. d'Urheberschaft oder d'Herkunft vu Benotzerinhalte, déi Dir iwermëttelt, ze verschleiern;
4. Benotzerinhalte eropzelueden, ze verëffentlechen, an enger Matdeelung ze schécken oder soss iergendwéi ze verbreedden, wann Dir d'Recht no engem Gesetz oder am Kader vu vertraglechen oder treuhänderesche Relatiounen dozou net hutt (wéi Insiderinformatiounen, geschützt Informatiounen a vertraulech Informatiounen);
5. Benotzerinhalte eropzelueden, ze verëffentlechen, an enger Matdeelung ze schécken oder soss iergendwéi ze verbreedden, wann se e Patent, eng Mark, e Geschäftsgeheimnis, en Auteursrecht oder en Eigentumsrecht vu sos engem verletzen;
6. ongefrotene oder unerwünschte Reklammen, Promotiounsmaterial, „Junk-Mail“, „Spam“, Kettebrieff oder all aner Form vu Biedelen eropzelueden, ze verëffentlechen, an enger Matdeelung ze schécken oder soss iergendwéi ze verbreedden;
7. iergend e Material mat Softwarevirus oder soss engem Computercode, Fichieren oder Programmer, déi d'Fonctionnement vu Computersoftware oder -hardware oder vun Telekommunikationsgeräter ënnerbriechen, zerstëieren oder begrenze sollen, eropzelueden, ze verëffentlechen, an enger Matdeelung ze schécken oder soss iergendwéi ze verbreedden;
8. den normalen Dialogfloss z'ënnerbriechen, en Ecran méi séier wéi normal „scrollen“ ze loossen oder op soss eng Manéier ze handelen, déi deenen anere Benotzer hir Méiglechkeet beanträchtegt, sech op eng uerdentlech Manéier mat aneren auszetauschen;
9. Server oder Netzwierker, déi mam SANDLER-PORTAL verbonne sinn, ze stëieren oder z'ënnerbriechen;
10. aner Leit ze „stalken“ oder soss iergendwéi ze belästegen; oder
11. perséinlech Donnéeën iwwee aner Benotzer ze sammelen, z'enregistréieren oder auszetauschen.

Mir behalen eis d'Recht vir, fir no eegenem Ermessen unerwünschte Benotzerinhalte, déi Dir iwwee d'SANDLER-PORTAL iwweerdreien oder zur Verfügung gestallt hutt, ze späieren oder ewechzehuelen. Ouni eist Recht iergendwéi anzëschränken, sollt Dir wëssen, dass mir d'Recht hunn, Benotzerinhalte ewech ze huelen, déi géint dës Allgemeng Geschäftsbedéngunge oder géint soss eppes verstoussen (eleng no eiser Entscheedung).

Mir enregistreieren a versuergen Benotzerinhalte in Iwwerteneestëmmung mat de festgeluechten Direktiven a kënnen se oppeleeën, wann dëst vum Gesetz virgeschriwwen ass oder wa mir am

gudde Glawe mengen, dass esou eng Oppeleeung raisonnabel néideg ass, (a) fir de gesetzleche Bestëmmungen z'entsprechen, (b) fir dës Allgemeng Geschäftsbedingungen unzewenden, (c) fir op Uspréch anzegoen, dass d'Benutzerinhalter d'Rechter vun Drëttpersonen kéinte verletzen, oder (d) fir d'Rechter, d'Eegentum an d'perséinlech Sécherheet vun SSI, sengem Personal a sengen lizenzierte Formateuren ze schützen.

Mir kënnen Är Benutzerinhalter iwwer verschidden Netzwierker, Computerserveren an aner technologesch Mëttel iwwerdroen an enregistréieren, a mir kënnen Är Benutzerinhalter änneren, fir se un d'technesch Ufuerderungen vu Verbindungsnetzwierker oder -geräter unzepassen.

Mir wäerten d'Rechter vu Benotzer-IDen, vun deene mir no eegenem Ermiesse mengen, dass se geholl ginn fir Spam oder aner unerwünschten Massematdeelung ze verbreedden, direkt aussetzen oder beenden. Ausserdeem, well de Schued schwéier ze quantifizéieren ass, erkläert Dir Iech domat averstanen, dass Dier eis direkt e pauschalen Schuedenersatz vu 5,00 USD fir all Stéck Spam oder unerwünscht Massematdeelung bezuelt, déi vun Ärer Benotzer-ID verschéckt goufen oder iergendwéi domat verbonne sinn.

Artikel 6: Bereetstellung vu Produkter oder Déngschtleeschungen

Mir behalen eis d'Recht vir, eng Bestellung, déi Dir bei eis maacht, ofzeleenen. Mir si berechtigt, no eegenem Ermiesse d'Kafquantitéiten pro Persoun, pro Adress oder pro Bestellung ze begrenzen oder ze stornéieren.

Vun Zäit zu Zäit kënnen am Sandler-Shop Informatiounen virleien, déi typografesch Feeler, Ongenauegkeeten oder Ausloossungen hunn, déi sech op Produktbeschreibungen, Präisser, Reklammatiounen, Offeren, Produktversandkäschten, Lafzäiten an Disponibilitéit bezéie kënnen. Mir behalen eis d'Recht vir, Feeler, Ongenauegkeeten oder Ausloossungen ze verbesseren, a fir Informatiounen ze änneren oder z'aktualiséieren oder Bestellungen ze stornéieren, wenn d'Informatiounen doriwwer zu iergendenger Zäit an ouni Preavis falsch sinn (och nodeem, dass Dir Är Bestellung ofginn hutt). Fir de Fall, dass mir eng Bestellung änneren oder stornéieren, gitt Dir vun eis iwwer d'E-Mail-Adress an/oder d'Rechnungsadress oder d'Telefonsnummer informéiert, déi bei der Bestellung matgedeelt goufen.

Mir hunn dofir gesuert, dass d'Faarwen an d'Biller vun eise Produkter, déi am Sandler-Shop annoncéiert sinn, esou genee wéi méiglech duergestallt sinn. Mir kënnen net garantéieren, dass d'Duerstellung vun de Faarwen op Ärem Computersécran richtig ass.

Mir behalen eis d'Recht vir, mais sinn net obligéiert, de Verkaf vun eise Produkter oder Déngschtleeschungen un eng Persoun, an eng geographesche Regioun oder eng Juridiktioon ze beschränken. Mir kënnen dëst Recht vu Fall zu Fall eenzel ausüben.

Mir garantéieren net, dass d'Qualitéit vun iergendwellechen Produkter, Déngschtleeschungen, Informatiounen oder anerem Material, déi Dir bei eis kaft hutt oder vun eis kritt hutt, Ären Erwaardungen entsprechen oder dass Feeler an den Déngschtleeschunge verbessert ginn.

Dir erkläert Iech domat averstanen, aktuell, vollstänneg a genee Kaf- a Konteninformatiounen fir all Är Akeef am Sandler-Shop ze maachen Dir sidd averstanen, Är Konto- an aner Informatiounen,

dorënner Är E-Mail-Adress a Kreditkaartennummieren an Oflafdatum, direkt z'aktualiséieren, fir dass mir Är Transaktiounen ofschléissen an Iech wann néideg kontaktéiere kënnen.

Artikel 7: Entschiedegung

Dir sidd verantwortlech fir d'Warung vun der Vertraulechkeet vun Ärer Benotzer-ID, Ärem Passwuert an Ärem Konto wéi vun allen Aktivitéiten, déi iwver Äre Kont lafen. Dir entschiedegt an erklärt Iech averstanen, dass Dir eis an eis Duechterfirmaen, verbonne Gesellschaften, Kaderen, Direkteren, Verrieder, Co-Branding-Partner an aner Partner a Mataarbechter vun allen Uspréch oder Fuerderungen fräihaalt, déi vun Drëttpersounen a Verbindung mat Benotzerinhalter, déi Dir iwver d'SANDLER-PORTAL iwvermittelt, verëffentlecht oder iwverdrot, vun Är Verletzung vun dësen Allgemenge Geschäftsbedéngungen oder vun Ärer Verletzung vun de Rechter vun Drëttpersounen geltend maacht oder déi doraus resultéieren. Dir verflucht Iech, net ouni eist Averständnis esou eng Fuerderung bäizeleeën oder eng Verantwortung oder Scholdageständnis an eisem Numm zouzeginn. Mir behalen eis d'Recht vir, op ons Käschten d'Verdeedegung an d'Kontroll iwver all déi Ugeleeënheeten z'iwverhuelen, déi soss vun Iech entschiedegt ginn.

Artikel 8: Benotzen an Enregistréieren

Mir kënnen allgemeng Praktiken a Beschränkunge fir d'Benotze vum SANDLER-PORTAL festleeën. Dozou gehéiert d'Héchstzuel vun Deeg, déi mir Matdeelungen, Message-Board-Postings oder aner eropgelueden Benotzerinhalter um SANDLER-PORTAL enregistréieren, wéi och d'Héchstgréisst vun engem Fichier, vun enger Matdeelung oder vun eropgeluedenen Benotzerinhalter um SANDLER-PORTAL. Mir refuséieren all Responsabilitéit oder Verantwortung fir d'Läschen oder d'Net-Enregistréiere vu Matdeelungen oder aner Kommunikatiounen, oder anere Benotzerinhalter, déi vum SANDLER-PORTAL geréiert oder iwverdrot ginn. Mir versprechen net, dass mir d'Donnéen erëm verfügbar maachen, déi am Fall vun engem Serverausfall, enger Naturkatastroph, engem Benotzerfeeler oder soss engem Gronn beschiedegt, onbrauchbar oder gelëscht goufen. Mir hunn d'Recht, dës allgemeng Praktiken a Beschränkungen zu all Moment no eegem Ermiesse mat oder ouni Preavis z'änneren.

Artikel 9: Ännerungen um SANDLER-PORTAL

Mir behalen eis d'Recht vir, d'SANDLER-PORTAL (oder eent vu senge Mierkmoler) zu all Moment, vun Zäit zu Zäit, mat oder ouni Preavis, provisoersch oder fir ëmmer, z'änneren oder mat em opzehalen. Dir sidd averstanen, dass mir Iech oder Drëtpersoune géinteniwwer net kënnen haftbar gemaach gi fir eng Ännerung, Ënnerbriechung oder dem Ophalen vum SANDLER-PORTAL.

Artikel 10: Kënnegung

Mir kënnen Äert Passwuert, Är Benotzer-ID oder eng aner Benotzung vum SANDLER-PORTAL spären an Är Benotzerinhalter ewechhuelen a läschen, wann Dir géint dës Allgemeng Geschäftsbedéngunge verstéisst. Wann Dir ëmmer erëm géint des Allgemeng Geschäftsbedéngunge verstousst, kënnen mir Äert Passwuert, Är Benotzer-ID oder eng aner Benotzung vum SANDLER-PORTAL ouni Zréckbezuere vun de Lizenzkäschten kënnegen. Mir wäerten Äert Passwuert, Är Benotzer-ID an all aner Benotzung vum SANDLER-PORTAL spären, wann Äre Sandler-Formateur eis matdeelt, dass Dir keng Sandler-Formatioun oder Verstärkung méi kritt. Mir sinn net verantwortlech géint Iech oder Drëttpersoune fir Lizenzkäschten oder soss Käschten fir d'Kënnegung oder d'Ënnerbriechung vun Ärem Zougang zum SANDLER-PORTAL.

Artikel 11: Links a Reklammen

D'SANDLER-PORTAL oder Drëttpersonen (d. h. Äre Sandler-Formateur oder aner Leit an Ärer Organisatioun, déi Zougang zum SANDLER-PORTAL hunn) kënnen Links zu aneren Internetsitten oder Ressourcen am Internet bereetstellen. Mir sinn net verantwortlech fir d'Verfügbareket vun esou externen Internetsitten oder Ressourcen, a mir stëmmen net zou a sinn net verantwortlech fir Inhalter, Reklammen, Produkter oder anert Material, dat oder déi op dësen Internetsitten oder Ressource sinn oder op deene verfügbar gemaach ginn. D'Benotzung vun dësen Internetsitte vun Drëttpersoune geschitt op eege Gefor. SSI huet keng Kontroll iwver den Inhalt oder d'Politik vun esou Internetsitte vun Drëttpersonen. Mir si weder direkt nach indirekt responsabel oder verantwortlech fir Schied oder Verloschter, déi a Verbindung mam Benotzen oder dem Vertrauen op esou Inhalter, Wueren oder Déngschtleeschungen verursaacht goufen, déi op oder iwver esou en Internetsite oder eng Ressource verfügbar sinn.

Är Geschäftsbeziéung mat oder Är Participatioun u Reklammenaktiounen, déi op oder iwver d'SANDLER-PORTAL fonnt ginn, dorënner d'Bezuelen an d'Liwwere vun de betraffene Wueren an Déngschtleeschungen, an all aner Bedéngungen, Garantien oder Zousécherungen, déi mat dëse Geschäfte verbonne sinn, geschéien exklusiv tëscht Iech an dem Reklammeverkeefer. Mir sinn net responsabel oder verantwortlech fir Verloschter oder Schied vun egal wat fir enger Zort, déi Iech als Folleg vun esou Geschäfte oder als Folleg vun esou Reklammeverkeefer um SANDLER-PORTAL entstinn.

Mir kënnen juristesche Hiweiser, Ausschlëss vu Verantwortung, Logoen a Sloganen vun eiser Firma, Annoncen, Notizen, Marken an aner Informatiounen zur Identifikatioun op d'SANDLER-PORTAL setzen, déi mir all no eegenem Ermessen änneren, erweideren oder ewechhuele kënnen. All Géigeleeschungen (monetär an net-monetär), déi mir duerch d'Setzen oder dem Verkaf vun Annoncen, Notizen a Sponsoring um SANDLER-PORTAL kréien, gehéieren nëmmen eis.

Artikel 12: Rechter um geeschtegen Eigentum

D'SSI-Material ass duerch d'Urheberrechtsgesetz an den USA geschützt.

S Sandler Training Finding Power In Reinforcement (mat Design), S Sandler Training (mat Design), Sandler Training, Sandler, Sandler Online, S Sandler Online (mat Design), S Sandler Online Finding Power In Reinforcement (mat Design), Sandler Selling System, SandlerBrief,

Negative Reverse Selling, Sandler Pain Funnel, the Pain Funnel (Text an Design), Finding Power In Reinforcement, SalesAccountability, No Guts, No Gain!, Sandler's Professional Advantage, Pro Summit, Sandlerworks!, Sandler Training Certification (mat Design), Sandler Sales Bronze Certified Certified (mat Design), Sandler Sales Silver Certified Certified (mat Design), Sandler Sales Gold Certified Certified (mat Design), Sandler Sales Master Certified Certified (mat Design), Sandler Instructor Certified (mat Design), Tactics for Sales Professionals, Tactics for Sales Management Professionals, an How to Succeed sin agedroe Wuerenzeeche vu Sandler Systems, Inc. The Sandler Submarine (Text an Design), Pursuit Navigator, Client², a Client-Centric Satisfaction sin Déngschtleeschtungsmarke vu Sandler Systems, Inc. Wimp Junction as eng agedroen Déngschtleeschtunsmarke vu Sandler Systems, Inc. an Terry Slattery.

Mir ginn Iech e perséinlech, net iwverdrobart an net exklusivt Recht an eng Lizenz fir d'Benutzung vun der Software hirem Objektcode op Äre Computeren (kuckt do ënnen). Dir verspricht, keng derivat Wierker ze kopéieren, z'änneren, ze produzéieren, zréck z'entwéckelen, zesammenzebauen oder dass Dir op soss eng Manéier probéiert, de Quellcode z'entdecken, oder ze verkafen, ofzetrieden, weider ze lizenzéieren, e Sécherungsrecht op der Software ze ginn oder soss Rechter un der Software z'iwverdroen, entweder direkt oder duerch Är Mataarbechter oder onofhängeg Auftragnehmer. Dir sidd averstanen, d'Software op keng Manéier z'änneren oder geännert Versioune vun der Software fir iergendeen Zweck ze benotzen, dorënner (ouni Aschränkung) den onerlabten Zougrëff op d'SANDLER-PORTAL. Dir erkläert Iech domat averstanen, fir net mat anere Mëttelen wéi dem Interface op d'SANDLER-PORTAL zréckzegräifen, dee mir fir den Zougrëff op d'SANDLER-PORTAL bereetstellen.

SSI ass den Haaptlizenzéierte vun SANDLER-PORTAL a behält all Rechter, Titelen an Undeeler un der Software an all Eigentumsinhalte (wéi weider ënnen erkläert), déi fir d'SANDLER-PORTAL virbereet oder op dësem benotzt ginn, wéi all geschtteg Eigentumsrechter un oder fir en Deel dovun.

„Eigentumsinhalt“ bezeechent all Texter, Biller, Téin, Fichieren, Videoen, Designs, Animatiounen, Layouten, Faarwschemaen, Marken, Konzepter, Methoden, Techniken, Prozesser an Donnéeën, déi a Verbindung mat deem vun eis verëffentlechten oder bereetgestallten SANDLER-PORTAL, dat op dem SANDLER-PORTAL oder iwver dëst gesammelt gëtt, benotzt ginn.

„Software“ bezeechent Computerprogrammer a Computercode (z. B. HTML, Java), déi fir, mat oder op dem SANDLER-PORTAL benotzt ginn, mat Ausnam vu Softwareprogrammer am Besëtz vun Drëttpersounen.

Mat Ausnam vun de Fäll, déi hei virgesi sinn, ass näischt um SANDLER-PORTAL esou z'interpretéieren, dass et eng Lizenz am Kader vum geschttegen Eigentumsrecht, dorënner dem Recht a Form vun enger Mark oder engem Auteursrecht, dat vun SSI oder enger Drëttpersoun gewäert gëtt, sief et duerch Rechtsverwierkung, ob stillschweigend oder op soss eng Manéier. All Marken an Nimm sinn Eigentum vun hire respektiven Inhaber.

Artikel 13: Matdeelungen iwver Verletzunge vum Auteursrecht

An Iwwerteneestëmmung mam Digital Millennium Copyright Act (DMCA) an aner applikabel

Gesetzter, ass et d'Politik vun SSI, fir ënnert de gegebenen Ëmstänn engem Benotzer seng Benotzer-ID an säi Passwuert ze kënnegen, deen d'Auteursrechter vun Drëttpersoune verletzt, a Benotzerinhalter ewechzehuelen, déi als verletzend ugesi sinn. Fir eng Matdeelung iwuer Auteursrechtsverletzungen bei SSI anzereechnen, musst Dir eng schrëftlech Matdeelung un eisen designéierten DMCA-Agent (weider ënnen) schécken, déi am Wesentlechen dat heitent enthält (consultéiert wann ech gelift Ären Affekot oder liest 17 U.S.C. Artikel 512(c), fir dës Ufuerderunge bestätegt ze kréien):

1. Identifikatioun vun den auteursrechtlech geschützte Wierker, vun deene behaupt gëtt, dass se verletzt goufen, an eng Erklärung iwuer d'Eegentum un dëse Wierker.
2. Identifikatioun vum Material, vun deem behaupt gëtt, dass et eng Verletzung duerstellt oder Objet vun enger Verletzungstätegkeet ass an dass dat soll ewechgeholl ginn oder dass den Zougrëff dorop soll ënnerbonne ginn, souwéi Informatiounen, déi duer ginn, fir eis d'Fanne vum Material z'erméiglechen. D'Bereetstellung vun URLen am Text vun engem E-Mail ass déi beschte Manéier fir eis ze hëllefen, Inhalter séier ze fannen;
3. Informatiounen, déi et eis erméiglechen, Iech ze kontaktéieren, wéi z. B. eng Adress, eng Telefonsnummer an eng E-Mail-Adress, ënner der Dir kënnt erreecht ginn;
4. Eng Erklärung, dës Dir am gudde Glawe mengt, dass d'Verwendung vum Material, wéi Dir et an Ärer Klo mengt, net duerch den Auteursrechtsinhaber, senge Verrieder oder d'Gesetz geneemegt ass;
5. Eng Erklärung ënner Strof vun engem Meineid, dass d'Informatiounen an der Matdeelung korrekt sinn an dass Dir d'Erlaabis hatt, am Numm vum Eegentemer vun engem exklusiv Recht ze handelen, dat anscheinend verletzt gouf;
6. Eng physesch oder elektronesch Ënnerschrëft (z. B. „/s/[print name]“) vun enger Persoun, déi befugt ass, am Numm vum Inhaber vun engem exklusiv Recht ze handelen, dat anscheinend verletzt gouf.

Schéckt Är schrëftlech Matdeelung un den DMCA-Agent, dee vun SSI benannt ass:

Shannon Howell, VP Legal
Sandler Systems, Inc.
300 Red Brook Boulevard, Suite 400
Owings Mills, MD 21117, USA
Telefonsnummer: +1-410-559-2020
Faxnummer: +1-410-653-6467
E-Mail legal@sandler.com

Passt wann ech gelift op, dass nom Artikel 512(f) vum DMCA all Persoun, déi wëssentlech a grousem Ëmfang falsch duerstellt, dass e Material oder eng Aktivitéit eng Verletzung duerstellt, der Verantwortung fir Schuedenersatz ënnerleie kann.

Géigennotificatioun fir Auteursrechtsverletzungen. Wann Ären Inhalt d'Ergebnis vun enger Matdeelung vun engem angeblechen Auteursrechtsinhaber ass, dass d'Auteursrechter vun dëser Partei duerch Ären Inhalt verletzt ginn, ewechgeholl goufen, kënnt Dir reagéieren, andeem Dir eng Géigematdeelung un eisen designéierten DMCA-Agent schéckt (kuckt do uewen), déi am Wesentlechen dat heiten enthält (consultéiert wann ech gelift Ären Affekot oder liest 17 U.S.C. Artikel 512(g), fir dës Ufuerderunge bestätegt ze kréien):

1. Gitt dat Material un, dat ewechgeholl gouf, wéi och d'Plaz, wou dat Material erschinnen ass, ier et ewechgeholl gouf. Maacht Är Matdeelung wann ech gelift genuch detailléiert;
2. Gitt eis Ären Numm, Är Adress, Är Telefonsnummer an Är E-Mail-Adresse un;
3. Eng Erklärung vun Iech, dass Dir am gudde Glawen dovunner ausgitt, dass d'Material opgrond vun engem Feeler oder enger falscher Identifikatioun vum Material, dat soll ewechgeholl oder desaktivéiert ginn, oder dat desaktivéiert gouf;
4. Eng Erklärung, dass Dir d'Zoustännegkeet vum U.S. Federal District Court fir de Geriichtsbezirk, an deem Dir wunnt (oder Baltimore, Maryland, wann Är Adress ausserhalb vun den USA läit) acceptéiert an dass Dir d'Zoustellung vum Verfahren vun der Persoun, déi eis iwver déi angeblech Verletzung informéiert huet, oder engem Verrieder vun dëser Persoun acceptéiert;
5. Är physesch oder elektronesch Ënnerschrëft (z. B. „/s/[print name]“).

Passt wann ech gelift op, dass nom Artikel 512(f) vum DMCA all Persoun, déi wëssentlech falsch duerstellt, dass e Material oder eng Aktivitéit eng Verletzung iertemlech ewechgeholl oder desaktivéiert gouf, fir Schuedenersatz kann ugesicht ginn.

Artikel 14: Exklusioun vun der Garantie

DIR VERSTITT A SIDD AUSDRÉCKLECH DOMAT AVERSTANEN:

1. ÄR BENOTZUNG VUM SANDLER-PORTAL GESCHITT OP EEGE GEFOR. D'SANDLER-PORTAL GËTT OP DER BASIS VUN „ESOU WÉI ET ASS“ A „WANN DISPONIBEL“ BEREETGESTALLT. MIR IWWERHUELE KENG VERANTWORTUNG VUN EGAL WAT FIR ENGER ZORT, OB AUSDRÉCKLECH ODER STILLSCHWEIGEND, DORËNNER, AWER NET BESCHRÄNKT OP D'ACCESSIBILITÉIT OP E MAART, D'EEGNUNG FIR E BESTËMMTEN ZWECK AN D'NET-VERLETZUNG VU RECHTER.

2. MIR IWWERHUELE KENG GARANTIE DERFIR, DASS (i) D'SANDLER-PORTAL NET ËNNERBRACH GËTT, AN AKTUELL, SÉCHER ODER FEELERFRÄI ASS, (ii) D'RESULTATER, DÉI DUERCH D'BENOTZE VUM SANDLER-PORTAL ERREECHT GINN, GENAU ODER ZOUVERLÄSSEG SINN, (iii) D'QUALITÉIT VUN ALLE PRODUKTER, DÉNGSCHTLEESCHTUNGEN, INFORMATIOUNEN ODER SOSS MATERIALIEN, DÉI DIR IWWER D'SANDLER-PORTAL KRITT ODER KRÉIE KËNNT, ÄREN ERWAARDUNGEN ENTSPRIECHEN, ODER (iv) ALL FEELER AN DER SOFTWARE VERBESSERT GËTT.

Artikel 15: Beschränkung vun der Garantie

DIR VERSTITT A SIDD AUSDRÉCKLECH AVERSTANEN, DASS WEDER MIR NACH EIS KADEREN, DIREKTEREN, MATAARBECHTER, LIZENZÉIERT FORMATEUREN, VERBONNE FIRMAEN, OPTRAGNEEMER, VERKEEFER ODER LIZENZGEBER FIR DIREKT, INDIRECT, ZOUFÄLLEG, BESONNESCH, FOLLEG- ODER EXEMPLARESCH SCHIED HAFTBAR GEMAACH KËNNE GINN, EINSCHLISSLECH SCHIED FIR GEWËNNAUSFALL, VERLOSCHTER FIR GOODWILL, BENOTZUNG, DONNÉEËN ODER ANER IMMATERIELL VERLOSCHTER (SOUGUER WA MIR IWWER D'MÉIGLECHKEET VUN ESOU VERLOSCHTER INFORMÉIERT GOUFEN), DÉI SECH

DORAUS ERGINN: (i) ÄR BENOTZUNG ODER ONFÄEGKEET, D'SANDLER-PORTAL ZE BENOTZEN; (ii) D'KÄSCHTE VUN DER BESCHAAFUNG VUN ERSATZGIDDER AN - DÉNGSCHTLEESCHTUNGEN, DÉI SECH AUS ALL DE GIDDER, DONNÉEËN, INFORMATIOUNEN ODER DÉNGSCHTLEESCHTUNGEN ERGINN, DÉI KAAFT ODER ERWORBE GOUFEN, ODER MATDEELUNGEN, DÉI DIR KRITT HUTT, ODER TRANSAKTIOUNEN, DÉI AN D'SANDLER-PORTAL ERAGI GOUFEN; (iii) ONAUTORISÉIERTEN ZOUGRÉFF OP ODER ÄNNERUNG VUN ÄREN IWWERDROUNGEN, DONNÉEËN ODER SOSS BENOTZERINHALTER; (iv) ERKLÄRUNGEN ODER VERHALEN VUN ENGER DRÉTTPARTEI UM SANDLER-PORTAL; ODER (v) ALL ANERT MATERIAL, DAT SECH OP D'SANDLER-PORTAL BEZITT.

Artikel 16: Matdeelungen

D'SANDLER-PORTAL kann Hiweiser op Ännerungen vun dësen Benutzungsbedéngungen oder aner Ugeleeënheete ginn, andeems et Hiweiser oder Links zu Hiweis un Iech generell um SANDLER-PORTAL uweist.

Artikel 17: Allgemenges

Dës Benutzungsbedéngungen stellen de ganzen Accord tëscht Iech an eis a Bezuch mat Ärer Benotzung vum SANDLER-PORTAL duer a reegelen Är Benotzung vum SANDLER-PORTAL an ersetzen all fréier Accorden tëscht Iech a eis an eise lizenzierte Formateuren. Méiglecherweis ënnerleit Dir och zousätzleche Bedéngungen, déi gëlle kënnen, wann Dir Partnerdëngschter, Inhalter vun Drëttubidder oder Software vun Drëttubidder benotzt. Dës Benutzungsbedéngungen an d'Relatioun tëscht Iech an eis ënnerleien de Gesetzer vum Staat Maryland, USA, ouni Récksiicht op etwaeg Konflikter mat anere gesetzlechen Bestëmmungen. Dir an eis, mir erklären eis domat averstanen, dass mir eis der perséinlecher an exklusiver Zoustännegkeet vun de Federal a Staatsgeriichter an den USA z'ënnerwerfen, déi zu Baltimore County, Maryland, USA, sinn oder fir do zoustänneg sinn. Egal wat aner Reegelen oder Gesetzer fir Uspréech oder Grënn fir Kloe virgesinn, déi sech aus der Benotzung vum SANDLER-PORTAL oder senge Benutzungsbedéngungen erginn oder domat zesammenhänken, müssen esou Uspréech innerhalb vun engem Joer nom Entstoe ugemellt ginn oder si si fir ëmmer verjäert.

All onberechtigten Zougrëff, all onberechtiget Ännerung oder Verännerung vun Informatiounen oder all Beanträchtegung vun der Verfügbarkeet oder dem Zougrëff op d'SANDLER-PORTAL ass strengstens verbueden. Mir behalen eis all Rechter a Rechtsmëttele vir, déi eis zur Verfügung stinn, an dës Exklusivoun vun enger Garantie ass kengesfalls eng Aschränkung oder e Verzicht op aner Rechter, déi eis zoustinn.

Eist Versäumnes, fir e Recht oder eng Bestëmmung vun dësen Benutzungsbedéngungen auszeüben oder duerchzesetzen, stelle kee Verziicht op dëst Recht oder op dës Bestëmmung duer. Sollt eng Bestëmmung vun dësen Benutzungsbedéngungen vun engem zoustännege Geriicht fir ongültteg erkläert ginn, sinn d'Parteien trotzdeem averstanen, dass d'Geriicht sech beméie soll, fir d'Absicht vun de Parteien, déi an der Bestëmmung zum Ausdrock komm ass, ze verwierklechen, an déi aner Bestëmmungen vun dësen Benutzungsbedéngungen bleiwen integral a Kraaft a behalen

hir Wierkung. D'Iwwerschräfte vun den Artikele an dësen Benotzungsbedéngungen hu keen aneren Zweck wéi d'Iwwersichtlechkeet an hu keng juristesche oder kontraktuell Wierkung.

Artikel 18: Systemadministrator

Mellt wann ech gelift all Verstouss géint dës Benotzungsbedéngungen un de Systemadministrator:

Shannon Howell, VP Legal
Sandler Systems, Inc.
300 Red Brook Boulevard, Suite 400
Owings Mills, MD 21117, USA
Telefonsnummer: +1-410-559-2020
Faxnummer: +1-410-653-6467
E-Mail: legal@sandler.com

ENN

Fir d'läscht aktualiséiert: 29. August 2018